# Titel : Fir wie gees Du ?

**Branche: CaraPio, RaRo, Chefs, Albatrossen**
**Zäit: Intro + Wee c. 40 Min. + Ofschloss**
**Plaz: dobaussen**
**Persounen:**
**Typ:** COVID-Konform, Spirituelles, Verspriechen, ...

**Material:** Geschicht

## Erklärung/ Beschreiwung

**1. Intro an d'Thema:**

A. Geschicht virliesen:

De Martin Buber huet Geschichte gesammelt vu Chassidim, jüdesche Gemeinschaften aus Osteuropa. Hei ass eng dervun:

> ***In der Stadt Ropschitz beauftragten die Reichen, deren Häuser einsam oder am Ende des Ortes lagen, Wächter, um nachts ihren Besitz zu schützen.***
> ***Als Rabbi Naftali eines späten Abend am Rande des Waldes spazieren ging, begegnete er einem der Wächter.***
> ***"Für wen gehst du?" fragte ihn der Rabbi.***
> ***Der Wächter nannte den Namen seines Auftraggebers, fügte aber die Gegenfrage hinzu: "Und für wen geht Ihr, Rabbi?"***
> ***Das Wort traf den Gelehrten wie ein Pfeil. "Noch gehe ich für niemanden!", stammelte er.***
> ***Lange schritt er schweigend neben dem Wächter einher. "Willst du mein Diener werden?" fragte er endlich.***
> ***"Das will ich gern", antwortete jener, "doch was habe ich zu tun?"***
> ***"Mich zu erinnern", sagte der Rabbi.***

B. Fro un de Grupp:

Jidderee beäntwert se fir sech selwer: Wat fir e Wuert oder Saz ass bei mir hänke bliwwen?

C. Geschicht nach emol virliesen.

**2. Sech leng op de Wee maachen – an der Rou (Silent Walk)**

A. Consigne fir de Wee leng ze goen (mat ev. Sécherheetsaspekter)

Je nom Terrain: de Wee kloer zeechnen (Nuets: Käerzen, etc.)!
Wann et en eendeitege Wee ass, geet et vläicht och duer wann e vun de Chefs virgeet a „seng" Leit um Enn vum Wee empfängt. Wichteg: 1 Chef geet als läschten. Wa vill Leit am Grupp sinn, dann déi aner Chefs dertëschtent verdeelen.
D'Leit ginn eenzel fortgeschéckt, mat c. 5 Min. dertëschent. Ev. zu 2, wa Leit net wëlle leng goen.
Wichteg: roueg sinn ënnerwee. De Wee leng goen; ouni ze schwätzen, ouni mam Handy ze spillen, ouni ze hetzen; just fir eis mat eis selwer ze beschäftegen an an eis selwer eranzekucken.

B. Réflexiounsinput am grousse Krees:

**Eng Fro u mech: Fir wie ginn ech a mengem Liewen?**

- Ginn ech just fir mech selwer?
- Ginn ech fir eng Saach, eng Institutioun, e Veräin?
- Ginn ech fir anerer?

**Anescht gefrot:**

- Mat wiem fillen ech mech verbonnen? Fir wien hunn ech mech décidéiert?
- Fir wien engagéieren ech mech?
- Fir wien ginn ech Zäit, Kraaft, Iddiën, Energie, Méi, …?

<u>C. Ausdeele vu Froe fir ënnerwee </u> (Modell an Annexe)

1) Wou hues du dech an dengem Liewen engagéiert ?
2) Wou a wéini hues du bei dir selwer schonn Engagement vun anere Leit gespiert ?
3) Wou a wéini hues du engem anere Mënsch gehollef mat engem Problem fäerdeg ze ginn, oder einfach nëmmen e schéine Moment duerch deng Hëllef ze erliewen?
4) Wou a wéini hues du Engagement oder Hëllef vermësst an hues op Ennerstëtzung vun anere Leit gehofft… déi awer nët koum?
5) Wou oder wéini hues du vergiess dech fir eppes anzesëtzen (ze hëllefen) a bass der dees méi spéit, wéi et schon ze spéit war, bewosst ginn? Du has et vergiess oder einfach nët erkannt an hues e bëssen e schlecht Gewësse gehat.
6) Wou oder wéini hues du dech bewosst fir eppes nët agesat (gehollef); du wolls dat net maachen an hues dat bewosst nët gesinn; du hues weg gekuckt; obschonn et am Fong eng "nobel" Saach gewiercht wär.

**<u>3. Ofschloss</u>**

Ev. bei engem Feier…

<u>A. Echange iwwert d'Initialfro: „Fir wie gees Du?"</u>

Jiddereen, dee wëllt ka seng Äntwert(en) soen.

Wichteg: Et gi keng richteg a falsch Äntwerten; jidferee fënnt bei all Fro Äntwerten wou e sech selwer erëm erkennt oder sech selwer eppes muss agestoen. Jiddferee kann och op dëst oder dat houfreg sinn.

Geséi deng Fehler an deng Defiziter an, an erlab der selwer doraus ze léieren.

Sëff houfreg op deng Engagementer déi's de hues, du däerfs dat sinn.

**<u>Du</u>** bass **<u>Du</u>** an **<u>Du</u>** solls **<u>Déch</u>** esou abrengen wéi et **<u>Dir</u>** méiglech ass !

<u>B. Zesummen ausschaffen: „Wat ass Engagement?"</u>

Opschreiwen, wat zesumme kënnt vun Aussoen.

Wichteg: net bewäerten!

# Ënnerlagen:

Geschicht: Martin Buber (Hg.), „Für wen gehst du?", in: *Chassidische Geschichten*.

Material fir de Wee ze zeechnen (Käerzen, etc.)

Froe fir ënnerwee (1 Ziedel pro Persoun) + Bic!  (Annexe)

Plakat a Stëfter fir d'Mise en commun

Ev. Feier (sécher Plaz, Material, etc.)